Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/12/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kultur & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Op den Autobunne wäerte Schëlder opgestallt ginn, wou d'Autofuerer mat Lëtzebuergesche Sätz wéi "Wëllkomm zu Lëtzebuerg" an "Äddi a bis Geschwënn" ugeschwat solle ginn. D'Tageblatt kommentéiert an engem Artikel vum 11ten Dezember d'Campagne esou:
*"Mit den neuen Schildern wähnt sich der Luxemburg-Reisende jetzt in einem Krankenhausflur, der gerade wegen Renovierungsarbeiten geschlossen ist. Ein Trost bleibt: Man ist schnell wieder draußen. Äddi a Merci fir de Besuch."*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gouf dës Campagne selwer intern an engem Ministère erstallt?
2. Falls nee:
    1. Gouf d'Kampagne ëffentlech ausgeschriwwen?
    2. Ënnert wéi enger Referenznummer(en) gouf dëse Projet ausgeschriwwen?
    3. Wéi vill Firmen hunn sech gemellt a wien krut den Optrag?
3. Wat ass de Gesamtkäschtepunkt vun der Campagne gewiescht?
   Wéi vill hunn d'Konzeptioun an den Design vun dëser Campagne kascht?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten